PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
30 SEP. 2019
1266

Lëtzebuerg, den 30/09/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Interieur, Bannenzeg Sécherheet & Finanzen weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°614 hat ech mech iwwert d'Avertissements taxés (AT) emfrot. An hirer gemeinsamer Äntwert schreiwen d'Ministeren

> A Saache Parkinfraktiounen ass et schwéier Autoen déi am Ausland ugemellt sinn ze identifizéieren. Aktuell gëtt et keng legal Basis déi et géif erméiglechen dës Informatioune bei auslänneschen Autoritéiten unzefroen.

An der Oplëschtung an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro stellt sech eraus, dass iwwer 20 Milliounen Euro net direkt konnten agedriwwe ginn bis de Parquet saiséiert ginn ass. Eis ass des Weidere vu verschiddene Säiten zougedroe ginn, dass Net-Residenten effektiv schwéier zur Keess ze biede sinn.

D'Ministere schwätzen an hirer Äntwert vum Gesetzesprojet 7126 als méiglech Léisung. De Staatsrot huet a sengem Avis vum **24ten Oktober 2018** verschidde formell Oppositiounen ausgedréckt an de Projet leit säit dem op Äis.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Vun 2013 bis 2019 si 696.195 ATen net bezuelt ginn éier de Parquet saiséiert ginn ass. Wéi vill Prozent vun dësen ATen sinn op Net-Resident'en zeréckzeféieren?

2. Kéint d'Regierung d'Oplëschtung aus der Äntwert op d'parlamentarescher Fro n°614 ergänzen an uginn wéi vill ATen vun 2013 bis 2019 beim Parquet agereecht an agedriwwe gi sinn (Unzuel a Montanten) ? Wéi vill ATen sinn no der Saisie vum Parquet onbezuelt bliwwen?

3. Kennen d'Ministere confirméieren, dass d'ëffentlech Instanzen aktuell machtlos sinn, wat d'Andreiwen vun ATen a Saache Parkinfraktiounen ugeet? Falls nee, wéi erkläert d'Regierung sech, dass bannent 6 Joer iwwer 20 Milliounen Euro un ATen iwwert de Parquet hu missen agedriwwe ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 13 novembre 2019
Réf. N° QP-102/19

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
13 NOV. 2019

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°1266 du 30 septembre 2019 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe notre réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Sam TANSON
Ministre de la Justice



13, rue Erasme
L-1468 Luxembourg-Kirchberg
Tél. (+352) 247-84537
Fax (+352) 26 68 48 61
Adresse postale:
L-2934 Luxembourg
info@mj.public.lu
www.gouvernement.lu

***Gemeinsam Äntwert vun der Madame Sam Tanson, Ministerin fir d'Justiz, an dem Här François Bausch, Minister vun der Bannenzeger Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro N° 1266 vum 30 September 2019 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwert « Avertissements taxés »***

*Zu 1)*

*Vun den 696.195 Avertissements taxés, déi vun 2013 bis 2019 net bezuelt gi sinn, sinn der 41% op Net-Residenten zeréckzeféieren.*

*Zu 2)*

*Et ass net méiglech fir déi genau Zuel festzestellen vun den Avertissements taxés déi nët bezuelt goufen an mat deenen d'Justizautoritéiten saiséiert goufen, well d'Justizautoritéiten net déi onbezuelten Avertissements taxés, mee d'Protokollen zougeschéckt kréien, déi d'Police gemäss dem Artikel 15, Alinea 4 vum Gesetz vum 14 Februar 1955 iwwert d'Reglementatioun vun dem Verkéier op allen öffentleche Wéer opstellt wa sie konstatéiert dass den Avertissement taxé net bezuelt gouf oder dass den Betreffenden d'Bezuelen vum Avertissement taxé refuséiert.*

*Dobäi ass et oft esou dass an den Protokollen e puer Infraktiounen betraff sinn, fir déi eng Ordonnance pénale gesprach gëtt, déi, genau wéi fir d'Protokollen, méi ewéi eng Infraktioun kann viséieren. Dofir ass et nët méiglech, op Basis vun den Statistiken vun der Justiz d'genau Unzuel vun onbezuelten Avertissements taxés erauszefannen fir déi eng Strofprozedur ageleet gouf, well déi Statistiken nëmmen d'Gesamtzuel vun den Ordonnances pénales opféiert, an nët vun den Avertissements taxés déi betraff sinn.*

*Et ass awer méiglech e Verglach ze maache mat der Zuel vun den Ordonnances pénales déi d'Policegeriichter an der Matière vum Stroosseverkéier gesprach hunn, well an der ganz grousser Majoritéit dës Ordonnances pénales hir Origine an engem onbezuelten Avertissement taxé hunn. De Montant vun dësen Ordonnances pénales ass awer systematesch méi héich wéi de Betrag vum Avertissement taxé wor, well och d'Justizkäschten mat agerechent sinn.*

*Fir déi betraffe Period sinn d'Zuelen vun den Ordonnances pénales déi d'Policegeriichter alleng an der Matière vum Stroosseverkéier (d'Parken abegraff) gesprach hunn, déi folgend:*

| ***Policegeriicht*** | ***2013*** | ***2014*** | ***2015*** | ***2016*** | ***2017*** | ***2018*** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *DIEKIRCH* | *433* | *301* | *666* | *612* | *1576* | *1000* |
| *ESCH-UELZECHT* | *1613* | *1579* | *1890* | *1857* | *2197* | *1386* |
| *LUXEMBOURG* | *2937* | *2205* | *2581* | *3089* | *5762* | *3923* |
| ***Total*** | ***4.983*** | ***4.085*** | ***5.137*** | ***5.558*** | ***9.535*** | ***6.309*** |

*Et gëllt ze bemierken dass, fir 2017 an 2018, d'Zuelen méi grouss goufen, wéinst der Aféierung vum automatiséierten Kontroll-an-Strof System CSA (Vitesse-Radaren). Déi méi geréng Zuelen fir 2018 hänken dogéint mat der Aféierung vun der Amende forfaitaire zesummen.*
*Ordonnances pénales goufen an der betraffener Period fir déi folgend Beträg gesprach :*

| ***Policegeriicht*** | ***2013*** | ***2014*** | ***2015*** | ***2016*** | ***2017*** | ***2018*** |
|---|---|---|---|---|---|---|

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *DIEKIRCH* | *75.077,00* | *52.230,00* | *105.070,00* | *94.705,00* | *224.740,00* | *163.438,00* |
| *ESCH-UELZECHT* | *283.967,00* | *283.188,00* | *353.120,00* | *328.388,00* | *406.504,00* | *276.583,00* |
| *LUXEMBOURG* | *528.980,20* | *387.339,00* | *490.430,00* | *592.650,00* | *979.515,00* | *722.874,00* |
| ***Total*** | ***888.024,20*** | ***722.757,00*** | ***948.620,00*** | ***1.015.743,00*** | ***1.610.759,00*** | ***1.162.895,00*** |

*Et ass fir d'Justiz net méiglech erauszefannen wat den totale Betrag ass deen agezu konnt ginn, vu dass d'Andreiwungsprozedur vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA gemaach gëtt, an sech iwwert eng länger Period kann erstrecken, woubäi d'Justiz eréischt wann d'Prozedur ofgeschloss ass, informéiert gëtt.*

*D'Zuel vun urteelskräftegen Ordonnances pénales déi d'Policegeriichter an der Matière vum Stroosseverkéier gesprach hunn, an déi dem Service d'exécution des peines beim Parquet général zur Exekutioun zougeschéckt goufen, ass folgend:*

| | ***2013*** | ***2014*** | ***2015*** | ***2016*** | ***2017*** | ***2018*** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Ordonnances pénales déi dem PG-SEP geschéckt goufen* | *4.564* | *3.264* | *4.876* | *4.585* | *8.744* | *5.999* |

*Fir eng bestëmmten Unzuel vun dësen Ordonnances pénales, konnt d'Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA näischt andreiwen, an déi betreffend Dossieren sinn dem Parquet général erëm zréckgeschéckt ginn als "net-exekutéiert".*

| | ***2013*** | ***2014*** | ***2015*** | ***2016*** | ***2017*** | ***2018*** |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Ordonnances pénales déi nët agedriwwe konnte ginn* | *19* | *11* | *25* | *65* | *522* | *319* |

*Déi aner Ordonnances pénales goufen entweder geregelt, oder se sinn nach an der Andreiwungsprozedur bei der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA.*

*Et ass ze bemierken dass, zënter dem Gesetz vum 10 Abrëll 2018[1], wat d'Avertissements taxés betrëfft déi fir Vitesseinfraktiounen déi duerch den automatiséierten System CSA konstatéiert goufen, an fir déi e*

[1] Loi du 10 avril 2018 modifiant
1) la loi modifiée du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés
2) la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques
3) la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises
4) la loi modifiée du 23 février 2010 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires
5) la loi du 5-15 septembre 1807 relative au Mode de recouvrement des frais de justice au profit du Trésor public, en matière criminelle, correctionnelle et de police.

*Betrag vun 49 Euro geschëlt ass, keen Protokoll méi opgestallt gëtt wann den Avertissement taxé nët bezuelt gëtt. An deem Fall gëtt den Détenteur vum Gefier, duerch eng schrëftlech Décisioun vum Procureur d'État, fir eng forfaitaire Geldstrof schëlleg gesprach, déi entweder dem einfache Betrag (transitoresch Dispositioun) oder dem duebelen Betrag (aktuell Dispositioun) vum Avertissement taxé entsprëcht. Dës Avertissements taxés fannen sech dofir nët an der Zuel vun den Ordonnances pénales erëm.*

*Zu 3)*
*D'Handhab vun den ëffentlechen Instanzen betreffent Parkinfraktiounen wou den Auto am Ausland ugemellt ass, an déi assoziéiert Probleemer, goufe schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 614 vum 8 Abrëll 2019 erklärt, an ët gëtt op déi Äntwert verwisen.*
*Am Fall wou am Domaine vum Stationnement/Arrêt/Parcage aanescht wéi bis elo sollt virgaange ginn, misst d "Directive (UE) 2015/413 du Parlement européen et du Conseil du 11 mars 2015 facilitant l'échange transfrontalier d'informations concernant les infractions en matière de sécurité routière" op deenen Punkten ugepasst ginn, wat den Echange vun Donnéeën vun Détenteuren vun auslännesche Gefierer bei esou Infraktiounen ubelaangt. »*